Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# Generalversammlung vun der Sportskommissioun

**Freiden den 16. Juni 19:00 Kélenzenter zu Péiteng.**

## 1. Eröffnung vun der Generalversammlung

De Präsident vun der TKS begréisst d'Delegéierten vun de Veräiner.

## 2. Kontroll vun de Präsenzen

All d'Veräiner si vertrueden.

## 3. Réckbléck op d'Saison 2022/2023 an Ausbléck op d'Saison 2023-2024

Éierung vum Dammechampion Joker 86 an dem Härechampion KSC Honnerter/Performance A

D'Championnat ass, no der Pandemie, dës Saison ouni Problemer verlaf.

Vu dass den Umeldeschluss fir d'Ekippen den 20. Juni ass, kéint eventuell nach eng oder di aner Ekipp derbäi kommen. Falls net, huet d'TKS de Veräiner 2 Méiglechkeeten zur Ofstëmmung présentéiert:

- d'EP an d'PR mat 5 Ekippen an engem Aller-Retour plus engem Mätch op enger neutraler Bunn ze spillen (12 Mätcher)
- d'PR mat 6 Ekippen an engem Aller-Retour spillen ze loossen (10 Mätcher)

**Di betraffen Ekippen hu sech mehrheetlech fir eng PR mat 6 Ekippen ausgeschwat.**

Andeelung fir di next Saison : ND : KSC Honnerter/Performance A
KSC Bourscheid A
Bieles 2000
Amicale Post A

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu


EP : KSC Diddeleng
KSC Bourscheid B
KSC Honnerter/Performance B
Amicale Post B

PR : KSC Bourscheid C
KSC Honnerter/Performance C
KSC Douanes et Accises
Joker 86
Amicale 98
KSC Bourscheid D

D'Championnatsmätcher gi vum 15. September bis 15. Mee gespillt.

D'Auslousung fir d'Championnat ass de **5. Juli um 18:30 am Café beim Kueb zu Steebrécken.**

Fir di next Saison ginn ab dem 1. Spilldag d'Statistiken um Internetsite publizéiert.

D'Mätcher ginn de **25/08/2023 (18:30 ND; 19:15 EP; 20:00 PR) am QT zu Péiteng** festgeluecht.

## 4. Diskussioun iwwer de Spillmodus an den Handicap am LN-Cup

An der nexter Saison ginn et an der Coupe 50 Keelen Handicap pro Divisioun Ënnerscheed.

## 5. Diskussioun iwwer d'Eenzel- an Tandemmeeschterschaften

Nodeems virun 2 Joer de'Entscheedung geholl gouf, den Tandem Senioren ofzeschafen, huet d'TKS festgestall, dass d'Umeldungen fir d'Saison 2022-2023 vu 44 op 33 Koppelen (-25%) zréckgaangen ass. Haaptsächlech hunn Senioren-Koppelen sech met méi ugemellt. Dofir huet d'TKS d'Veräiner gefrot op den Tandem Senioren nees gespillt ginn. **D'Majoritéit huet sech dofir entscheed, dass ab der Saison 2023-2024 den Tandem Senioren nees stattfanne soll.**

Et gouf dës Saison ganz vill Ännerungen am Planning vun den Eenzel- an Tandemmeeschterschaften. D'TKS mecht en Appel fir méi Disziplin. Et gouf eng etlech Ännerungen, well Spiller bei der Umeldung net opgepasst haten op hir Championnatsmätcher. Ännerungen sollen d'Ausnam an net d'Regel sinn.


LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
Threeland Hotel

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

Et gouf eng Diskussioun iwwer d'Umeldezäiten, déi op de Formulären ugi sinn. Wann um Umeldeformulär z.B. „ab 18:00" steet, heescht dat fir d'TKS, dass dat och 20:00 oder 21:00 ka sinn. Falls dat net erwënscht ass, soll een einfach „18:00 oder 19:00) uginn.

D'Fro gouf gestall, firwat et eng Kategorie B bei den Hären gëtt, dëst awer net bei den Dammen. Vu dass di 2 Dammeveräiner an der selweschter Divisioun spillen an net genuch Dammen do sinn, géif dëst kee Sënn machen. Falls an Zukunft méi Dammen sech umelle sollten, misst een dorops zréckkommen. Dëst gëllt och fir eng eventuell Opdeelung an Seniorinnen A a Seniorinnen B.

Et gouf entscheed, dass eng Halleffinal ab 11 Spiller (bis elo 9) stattfënnt. Eng Véierelsfinal gëtt ab 20 Starter (bis elo 17) gespillt.

D'Fro gouf gestallt, wirwat 3 Ausscheedungen gespillt ginn, wa nëmmen 4 oder manner Spiller an enger Kategorie untrieden. D'Ursaach dofir ass, dass ee mam Startgeld wéinstens 3mol untriede kann. Et kënnen och nëmme Spiller an der Final untrieden, di hir 3 Ausscheedunge gespillt hunn. Falls ee verletzungsbedingt ophällt, ziélt den Total, den bis dohinn erspillt gouf.

D'Fro gouf gestallt, wirwat net d'Halleffinallen, esou wéi dat fréier woar, Samsdegs an d'Finallen da Sonndes gespillt géifen. D'TKS huet erklärt, dass zënter deemols d'Classic-Sektioun bäikomm ass. De Spillkalënner vun den Nationalen-, de Classic- an de Sportsmeeschterschaften hëllt vill Weekender an Usproch. Dofir ginn d'Halleffinallen, wou ab der nexter Saison Eenzel an Tandem getrennt gëtt, an der Woch gespillt.

## 6. Reglementsännerungen

# Spielkalender – Punktwertung – Spielmodus

Die Meisterschaft wird vier individuellen Spielern und mit zwei (2) Tandems gespielt. Bei den Tandems können dieselben vier (4) Spieler die individuell gespielt haben spielen, oder vier (4) andere Spieler des Vereins. Es ist erlaubt bei den individuellen Spielern und bei den Tandems einen Spieler auszuwechseln, sodass theoretisch zehn (10) Spieler spielen können.

~~**Ausnahme:** Verletzen sich bei den individuellen Spielern zwei (2) Spieler, so können diese Spieler durch zwei Spieler ersetzt werden. Die beiden Spieler können selbstverständlich die Tandems spielen, aber dann darf kein Reservespieler mehr eingesetzt werden.~~


LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
Threeland **** Hotel

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

# Luxembourg Loterie Nationale Cup

Handicap: In der Saison 2022/2023 erhält eine niedriger eigestufte Mannschat ein Handicap von 75 Holz. **Ab der Saison 2023/2024** wird bei ~~einer~~ pro Division Unterschied ein Handicap von 50 Holz zugestanden. ~~Für jede weitere Division Unterschied kommen zusätzlich 25 Holz hinzu.~~

## Auswechselspieler

a. Der Einsatz von ~~einem~~ zwei Auswechselspieler im Einzel und ~~eines~~ zwei Auswechselspielers im Tandem ist gestattet.

~~**Ausnahme:** Verletzen sich bei den individuellen Spielern zwei Spieler, so können diese Spieler durch zwei Spieler ersetzt werden.~~

b. ~~Die beiden Spieler können selbstverständlich die Tandems spielen, aber dann darf kein Reservespieler mehr eingesetzt werden~~. Der eingewechselte Spieler spielt sofort auf das Ergebnis des ausgewechselten Spielers weiter, ohne Probewürfe zu erhalten.

c. Bei Verletzung eines Spielers muss dessen Ersatz selbst innerhalb von zehn Minuten das Spiel aufnehmen. Nach zehn Minuten ist dieser nicht mehr spielberechtigt.

d. Ein Auswechselspieler kann nur einmal in den Einzeln eingewechselt werden.

e. Ein ausgewechselter Spieler in den Einzeln kann nicht mehr im Einzeln eingewechselt werden. Ein im Tandem ausgewechselter Spieler kann nicht mehr im Tandem eingewechselt werden.

~~f. Ein durch Verletzung ausgewechselter Spieler darf nicht mehr eingewechselt werden.~~

## Eenzel-an Tandemmeeschterschaften

Nach den Ausscheidungen qualifizieren sich:

- bei mehr als ~~16~~ 20 Spielern: die besten 16 Spieler für das Viertelfinale.
- zwischen ~~9~~ 11 und ~~16~~ 19 Spielern: die besten 8 Spieler für das Halbfinale
- bei weniger als ~~9~~ 11 Spielern: die besten 4 für das Finale.

Fédération Luxembourgeoise des Quilleurs a.s.b.l.
52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## Tandemmeisterschaft

Nach den Ausscheidungen qualifizieren sich:

- bei mehr als ~~16~~ 20 Paaren: die besten 16 Paare für das Viertelfinale.
- zwischen ~~9~~ 11 und ~~16~~ 19 Paare: die besten 8 Paare für das Halbfinale
- bei weniger als ~~9~~ 11 Paaren: die besten 4 Paare für das Finale.

Die Tandemmeisterschaften werden ~~nur~~ in den Kategorien Damen/Herren/Mixte und Senioren ausgetragen.

## Altersklassen

Massgebend für die Einstufung in die jeweiligen Altersklassen ist das ~~Lebensalter, das im Meisterschaftsjahr erreicht wird. Das Meisterschaftsjahr geht immer offiziell vom 15.9-15.7..~~ Kalenderjahr in dem das Alter der jeweiligen Altersklassen erreicht wird.

**Dës Ännerung ass néideg fir am Aklang mat den internationalen Bestëmmungen ze sinn.**
*Mär haten dëst ëmmer esou an eisem Reglement, hunn et awer aus dem selweschte Grond geännert gehat. Dono huet d'NBS hirt Reglement geännert.*

## 7. Internationales

No de ganzen Diskussiounen iwwer den neien Spillmodus op de Weltmeeschterschaften an der leschter NBS-Konferenz, wou sech Däitschland an Holland fir den neie Spillmodus an d'Belsch a Lëtzebuerg fir den ale Spillmodus ausgeschwat haten, huet d'TKS e Spillmodus der NBS zougeschéckt, den béide Positioune Rechnung dréit. Dësem Spillmodus, den garantéiert, dass op manst 2 Natioune an de Finallen vertruede sinn, an den och taktesch Gespills soll vermeiden, gëtt elo bei der Jugend-WM am August zu Düsseldorf Rechnung gedroe.

Nodeems an der leschter Saison nees e Vergläich mam Saarland gespillt gouf, versicht d'TKS och weider Lännervergläicher ze organiséieren. Nexte Rendez-vous ass den 21. Oktober zu Dampicourt mat engem Triangulaire Belsch-Frankräich-Lëtzebuerg, wou je 6 Hären an 2 Dammen zum Asaz kommen. Am nexte Fréijoer soll dann zu Péiteng e Lännermätch géint Holland sinn.


LOTERIE NATIONALE
hummel www.lupa69.com
Threeland Hotel ****

52, rue Pierre Hamer L-4737 Pétange - Tel.: (+352) 40 12 12 - Fax: (+352) 40 26 24
E-mail: flq@pt.lu - Website: www.flq.lu
Fondée en 1961 – Affilié au C.O.S.L. – Affilié à la F.I.Q. - WTBA – WNBA - NBN - EBFU

## 8. Verabschiedung

Nodeems de Jemp Schnorbus no der WM als Coach net méi zur Verfügung stung, wollt hién och an der TKS ophalen. Vu dass d'TKS zu dem Ament awer vill nei Memberen hat, huet hién, op Wonsch vum Präsident, nach e Joer drugehangen. Mat engem Kado krut de Jemp Merci gesot fir di vill Joeren, wou hien eisem Sport an der TKS gedingt huet.

## 9. Fräi Ausprooch

An der leschter Saison ass et bei de fräien Traininger zu Péiteng virkomm, dass Spiller net konnten trainéieren, well d'Bunnen iwwerlaascht woaren. Mam ville Verkéier fir op Péiteng ze kommen ass dëst frustréierend, haaptsächlech fir Spiller, di eng méi wäit Urees hunn. Derbäi kënnt, dass een sech jo just den Dag selwer iwwer Telefon kann aschreiwen. D'TKS wärt versichen eng adéquat Léisung ze fannen, eventuell iwwer e System mat Virbezuelen an Aschreiwen iwwer Whatsapp.

**Fir d'TKS**

**Jean-Marc Hoffmann**


LOTERIE NATIONALE
hummel
www.lupa69.com
Threeland **** Hotel